
# De partizipative Rucksak fir d'Biber

## Wat ass de partizipative Rucksak

Den Zuch huet Verspéidung, et war gutt Wierder gemellt an elo schëtt et mat Eemeren, mir sinn am Bësch ukomm an hunn eist Material fir ee Spill vergiess oder mir musse spontan eng flott Versammlung plangen. Meeschtens gräife mir da séier op Spiller zeréck déi mir am Kapp hunn. An dësem Dokument wëlle mir iech eng Methode virstellen, déi iech net nëmmen an esou Situatiounen hëlleft ze improviséieren, mee dobäi och Rücksicht op de Kanner hir Iddien a Wënsch hëlt an d'Kanner aktiv un der Struktur vun der Versammlung matbestëmme léist. E Rucksak deen ëmmer prett gepak ass fir mat an d'Versammlung, op d'Sortie oder op de Camp ze huelen.

**Wat ass am Rucksak ?**

- E Ball
- E Seel
- Luppen
- E Läinduch
- Klameren
- E klenge Kuerf
- Kork
- Ficelle
- Becheren
- Kaarte mat Spiller
- An alles wat dir soss nach braucht….



**Wéi benotzen ech de partizipative Rucksak?**

An dësem Dokument stelle mir iech dräi Variante vir, wéi dir de partizipative Rucksak kënnt benotzen. Dir fannt bestëmmt nach aner Varianten.

Variant 1: D'Chef ginn d'Material vir an d'Kanner duerfen d'Spillkaarten zum Material eraussichen. D'Kanner duerfen d'Material eraussichen an d'Chef wielen d'Spillkaarten eraus.

Variant 2: D'Kanner duerfen tëschent e puer Spillkaarten entscheeden. Z.B. andeems all Kand säi Korke bei eng Kaart duerf leeën. Déi dräi Kaarte mat de meeschte Kork**e** gi geholl.

Variant 3: D'Chef ginn eng Unzuel u Kaarte fir déi an de Kuerf gemaach ginn. E puer Kanner duerfen elo eng Kaart aus dem Kuerf zéien.

**Spillkaarten**

Hei fann dir zu all Material 5 Spilliddien. Wann dir nach aner flott Iddien am Kapp hutt, da schreift se op eng Kaart a leet se an äre Rucksak dobäi.